

L'administration municipale: De l'organisation luxembourgeoise au régime nazi

A l'aube du 10 mai 1940, des armées allemandes occupaient de vive force le territoire de notre pays. Le même jour on devait apprendre que la Famille grand-ducale et les membres du Gouvernement, à l'exception du Ministre Nicolas Margue, avaient pris la fuite, afin de se soustraire à l'arrestation par les troupes ennemies. Dès le lendemain, la Chambre des Députés protestait formellement et de façon véhémente contre l'occupation de notre pays par des forces étrangères.

Le 8 juillet suivant, le Collège échevinal, donnant dans le même sens, se réunit pour tenir une ultime séance dans le vain espoir de pouvoir sauvegarder l'indépendance de nos institutions. Hélas, ce fut peine perdue ! Quatre ans plus tard seulement les autorités de la ville obtiendraient le rétablissement de leur administration sous sa forme d'avant-guerre.

A cette époque, trois autorités luxembourgeoises étaient en place pour assurer la gestion des affaires de la ville.

La première en était le Conseil communal, dont les séances étaient publiques, tout habitant pouvant en prendre facilement connaissance.

Les devoirs qui lui incombaient étaient nombreux et importants. Ils donnaient lieu à des séances multiples et variées dont les débats étaient parfois houleux et passionnés. Un des points les plus débattus portait sur les finances de la commune, les prévisions des recettes et des

dépenses devant aboutir chaque année à l'établissement du budget communal, un document fixant le programme des activités durant l'année à venir. Un autre pouvoir du Conseil était celui de faire des règlements communaux ayant pour objet des problèmes de police ou d'autres questions importantes de sa compétence. Aussi intervenait-il chaque année d'une manière approfondie dans l'organisation de l'enseignement primaire. Une autre de ses attributions importantes concernait la nomination du personnel de la commune, fonctionnaires et employés, et, le cas échéant, il devait décider de leur congédiement.

La deuxième des autorités en charge des affaires de la ville, était le Collège échevinal qui pendant de longues années avait été l'organe d'exécution et d'administration journalière des décisions prises par le Conseil communal. Il lui appartenait surtout de s'occuper de la gestion des services et de celle des établissements publics placés par la loi sous sa surveillance. Un autre de ses devoirs importants était la convocation du Conseil communal et la surveillance du personnel affecté aux services administratifs et techniques. En résumé on peut dire que le Collège avait, à l'égard de la ville, des attributions comparables à celles que le Gouvernement avait à l'égard de l'État. Au-delà de ses compétences purement communales, il était un organe du pouvoir

central, ses membres étant nommés et révoqués par le Grand-Duc. Il était présidé par le Bourgmestre ou, en cas d'absence, par l'échevin le plus ancien en rang; ses séances n'étaient pas publiques.

Finalement, comme troisième autorité, il faut citer le Bourgmestre qui, nommé par le Grand-Duc, occupait des fonctions de haut niveau. Si, en effet, les membres du Conseil communal et du Collège échevinal étaient choisis selon un principe manifeste de collégialité, les fonctions du Bourgmestre par contre avaient un rôle évident de prépondérance. Il était le chef responsable des autorités communales, remplissant en dehors de ses fonctions multiples les charges d'officier de l'état civil et celles en rapport avec les lois et règlements de police.

Ce régime des trois autorités communales, qui avait pourtant fait ses preuves, fut supprimé par l'occupant allemand. Celui-ci ne tardait pas à mettre en place les rouages de l'administration allemande d'une conception fort différente.

Contrairement au principe de pluralité admis dans l'administration luxembourgeoise, le régime allemand ne reconnut que le Bourgmestre comme chef unique de l'administration communale placée sous sa responsabilité personnelle pleine et exclusive. Son titre était celui de «Oberbürgermeister» (premier Bourgmestre), un titre qui ne revenait qu'aux seules communes situées dans un «Stadtkreis» (arrondissement urbain).

Le Bourgmestre seul était investi du pouvoir de décision dans la commune et seul pour en assurer l'exécution. Il était le supérieur hiérarchique de tous les fonctionnaires, employés et ouvriers communaux. A lui seul appartenait la compétence pour engager les membres du personnel et pour, le cas échéant, décider de leur congédiement.

Il était pourtant assisté ou conseillé par des adjoints («Beigeordnete») dont le nombre était fixé par le règlement principal de la commune («Hauptsatzung»). La nomination de ces adjoints était aussi dans les attributions du Bourgmestre; son choix ne pouvait évidemment que se porter sur les personnes dont la fidélité à l'idéologie nazie ne faisait pas de doute.

L'adjoint premier en rang pouvait en cas de besoin remplacer le Bourgmestre dont il portait alors le titre; la gestion financière était confiée au «Stadtkämmerer», les autres adjoints avaient droit à la qualification de «Stadtrat»; pour les affaires de Droit, il y avait le «Stadtrechtsrat»; pour l'enseignement le «Stadtschulrat», pour les bâtisses le «Stadtbaurat», etc.

Il nous reste à dire un mot des conseillers communaux qui dans les villes avaient droit au titre de «Ratsherr». Fixé d'abord à vingt-quatre, leur nombre était à partir de 1943 de vingt-six. Leur mission était d'établir un contact permanent entre l'administration et la citoyenneté, de conseiller le Bourgmestre sous leur entière responsabilité et d'entretenir dans la population un esprit de compréhension pour les mesures que le Bourgmestre avaient prises.

10 mai 1940: rue de la Boucherie

Batty Fischer



Däitschfrëndlech

Den 11. Mee 1944, géint dräi Auer mëttes. Aus dem Himmel kënn d'Häll; iwwert déi Bouneweger an nach aner Leit. D'Amerikaner, op déi scho sou laang gewaart gëtt, si komm; mat Brandbomben an aneren, déi op an nieft Zwickau an egal wuer falen. An eng dervu rappt den Houwalder Buedem op a schleidert engem jonke Kärel aus dem "Arbeitsdienst" eng Leemknupp vun engem Zenner an de Réck. Dem Nikolaus Niederweis vun Daudistel heivir aus der Äifel ass et, wéi wann him d'Häerz aus dem Leif geflu wier; e spiert a weess awer och, datt e lieft. Nach ëmmer fale Bomben, ass kee Militär a keen Zivilist am Fräien. D'Blutt leeft deem Däitschen aus dem Mond, fierft seng Hänn, mat deenen en de Mond wëllt ofwäschen, hellrout; d'Hänn beschmieren a bedrecksen seng Uniform nach méi, wéi se schon ass, a loossen eng bluddeg Strumm un enger Fassad, laanscht déi en sech stäipt an zitt. Hie schleeft sech wéi am Tommel virun a schléit um Enn an den "Saangen" de laange Wee virun eng Viischtdier.

Et dauert nach e gudde Strapp, bis iergendanzwousch eng Zireen hault an déi Viischtdier opgeet. Mä da paken e Mann an eng Fra un an droen dee schwéier verwonte Preiss an d'Stuff. Dee kënn um Canapé nees zou sech, kuckt an d'Gesichter vum Mann a vun der Fra, mä hie kritt kee Wuert méi raus. Déi zwee soen och näischt, kucken sech och allebéid un, an da geet de Mann bis aus a wénkt der Fra, se soll matkommen.

An der Kiche seet e just: "So deene béiden, datt kee sech an der Stuff weist, ech ginn dem Wegener telefonéieren, wat solle mer da soss maachen!?" D'Fra wénkt "jo" mam Kapp a klëmmt d'Kellertrap rof.

Eng Stonn duerno kënn den Dokter Wegener mam Vélo vun der Helfenterbréck erop,

ass ausser Otem a gëtt granzeg, wéi e gesäit, wat fir e Client do op hie waart.

"Gitt lech de Leschte Steiwer mol ukucken!", bäisst en dem Mann an der Fra duer, "wéi dee rausgesäit. An alles wéinst deenen doten."

De Fraass Theis äntwert net, mä säi Margot mengt, 't misst een de Preise Bescheed soen, datt déi hire Verwonte siche kommen.

"Transportéiere kënnen se deen net", grommelt den Dokter, lo nees méi gedam. "Deem huet eppes eng oder souguer béid Longe lassgeschloen, dee muss leie bleiwen, e puer Deeg op d'mannst."

"Wat kritt Der?", freet de Fraass.

"Ech schécken de Preisen d'Rechnung", kënn d'Äntwert. "Mä déi mussen no em kucke kommen, sot en dat!"

D'Margot an de Fraass soen hirem Hausdokter merci, gi mat virun d'Dier, an därbaants geet hinnen eppes anesches duerch d'Stip. Wéi den Dokter mam Vélo ëm d'Kéier ass, klammen s'allebéid rof an deen hënneschte verwëllefte Keller, an d'Margot seet zu deene béiden: "Bleift heinidden. Do uewe läit e verwonnte Preiss, an d'Preise kënnen dee réischt an e puer Deeg wechhuelen, seet den Dokter. 't ass net z'änneren, mir konnten e jo net verbludde loossen."

Am Nomëtteg fierft de Fraass schwéieren Häerzens mam Vélo op den Holleschbiërg, wou d'Kommandantur vum "Arbeitsdienst" ass, a "mécht Meldung". Hien ass nach net doheim, du gëtt e scho vun engem Motorrad mat Sidecar iwwerhol, an dat steet, wéi en nees an den "Saangen" ukënn, breet virun hirer Hausdier. Dobannen ass e preiseschen Dokter amgang dee bluttjonke Kärel z'ënnersichen a mengt, dee lëtzebuergeschen Dokter hätt Recht, un eng Verleung vum Verwonte kënn frëstens an e

puer Deeg geduecht ginn. Hie géif erwaarden, datt den Arbeitsdienstmann Nikolaus Niederweis soulaang vun der Gaaschfrëndschaft vun de Lëtzebuurger kënn profitéieren. Selbstverständlech kéimen däitsch Sanitäter an och hie perséinlech nom Borscht kucken. Hie fierft dem Nikolaus Niederweis, dee waakreg do läit a schwéier otemt, iwwert déi roudelzeg-blond Hoer a fort ass en.

"Mir loossen en um Canapé", seet de Fraass, "da's am séchersten". D'Margot weess, wat de Fraass mengt.

Déi Deeg drop sti mol e preisesche Militärauto, mol e Motorrad mat Sidecar virun Theisens, an an den "Saangen" strecke Lëtzebuurger Fraen a Männer d'Käpp zesummen. Och op der Bunn, wou de Fraass schafft, mauschelen se a rëselen de Kapp. "Dat hätte mer ni vum Fraass geduecht!" Och nach duerno, wéi déi preisesch Ambulanz den Nikolaus Niederweis scho wechgeholl an op Tréier an d'Lazarett gefouert hat, maachen hirer vill e Bou ronderëm de Fraass an d'Margot, an de Pier aus dem Rangéierdëngscht, vun deem de Fraass weess, datt deen an der "Unioun" ass, seet dem Fraass riicht an d'Gesicht, hie soll jo nëmme gutt oppassen; enges Daags hätt en d'Fasad voller Hakekräizer; an d'Amerikaner wieren net méi wäit.

De Fraass verzielt dem Margot et owes, an deem bockelen e puer Tréieren d'Bake rof. Hatt steet op a setzt d'Pan mat dem Rescht Grompere vu mëttes op.

"Wat sinn dat fir Leit!", seet et just.

"Chrëschten", grommelt de Fraass.

Wat dat fir Leit sinn, ginn se genee véier Méint nom zweete Bombenugréff, op den eelefte September 1944 gewuer. Den Dag virun, den zéngte September also, haten se den Amerikaner Buckien an d'Jeepen an an d'GMCë gehäit, mä lo, um fréie Mueren, stinn hirer eng Dose virun Theisens hirer Dier. Ee mat engem rout-wäiss-bloe Brassard ëm de lénken Aarm an enger Flënt iwwert d'Schëller ass virbäi, an eng vun Theisens hiren Nopeschen hält eng laang Schéier am Grapp.

"Komm raus Magges!", jäizt se, "lo geet et der fir d'Schillerlocken!"

Dee mam Gewier hummert mam Kolwe widdert d'Dier, mä de Fraass steet den Ament drop scho virun him.

"Wat hu mer, Pier?"

"Komm mat, Fraass, du weess jo firwat."

"Raus Magges!" D'Fra mat där laanger Schéier wëllt laanscht de Fraass an den Hausgank, mä gläichdrop kënn se nees lues zrëckuetesch raus, well vun hannert hir erfot a lo laanscht de Fraass kommen zwee jonk Borschten op d'Dier, allebéid mat engem Klages am Grapp. Nach seelen ass eng Dosen där opbruechter Leit sou séier sou mucksmaishestëll gewiescht.

Bis ee pëspert: "De Wingsch Charel!"

"An den Ady!", seet en aneren.

"Kommt roueg mat op d'Dier, Madame Theis!", rifft de Charel no hannen an den Hausgank, an de Charel Wingert vun Hesper an den Ady Blondelot vun Alzeng stellen sech mat hire Gewierer virun de Fraass.

"Has du déi verstoppt?", freet de Pier de Fraass, wéi en de Mond nees opkritt.

Bouneweg, 1944

Tony Vaccaro



Josy Braun